Grand-Duché de Luxembourg

ADMINISTRATION COMMUNALE
DE
DALHEIM

Léif Kanner, Léif Elteren,

Dee béise Corona-Virus brengt net nëmmen d'Liewen an d'Gewunnechte vun äis alleguer duercherneen, mee en huet och dem Kleesche säi Programm, deen an de nächsten Deeg säi groussen Tour mecht, zolidd op d'Kopp gehäit. Dofir huet dee gudde Mann, deen normalerweis den 29. November op der Gemeng hätt sollen emfaange gin, sech misse nei organiséieren a kënnt elo

Freides, den 4. Dezember 2020 nomëttes direkt an d'Schoul op Duelem,

fir de Kanner eng Tiitchen, oder vläicht och eng Rutt ze iwwerreechen.
D'Léierpersonal organiséiert den Oflaaf vun deeër klenger Feier, déi bei guddem Wieder um Parvis vun der Schoul wärt stattfannen.

Selbstverständlech denkt de Kleeschen och un déi méi kleng Kanner aus der Gemeng, déi nach nët an d`Schoul oder an de Précoce gin. Fir si brengt hien seng Tiitercher an d'Gemeng, wou d'Eltere vun dëse Kanner se kënnen an der Woch vum 7. op den 11. Dezember ofhuelen.

Mir hoffen alleguer, dass mer d'nächst Joër de Kleeschen erëm wéi gewinnt kënnen an eisen dräi Uertschaften emfänken.

Bleift all gesond a monter !

De Schäffen- an de Gemengerot

Grand-Duché de Luxembourg

ADMINISTRATION COMMUNALE
DE
DALHEIM

Chers enfants, chers parents,

Le méchant virus du Corona n'arrive pas seulement à perturber nos habitudes et nos vies quotidiennes, mais il a également mis un désordre sérieux dans le programme de Saint Nicolas, qui se met à effectuer sa grande tournée dans les jours à venir. C'est pourquoi le grand Saint, qui normalement aurait dû être réceptionné à la Commune en date du 29 novembre, s'est vu forcé à se réorganiser et visitera nos enfants

le vendredi 4 décembre 2020 l'après-midi directement à l'école à Dalheim,

pour leur remettre ses friandises, ou le cas échéant un fouet. Le personnel enseignant s'occupera de l'organisation du déroulement de cette petite cérémonie qui, si le beau temps le permet, aura lieu sur le parvis de l'école.

Evidemment Saint Nicolas pense également aux plus petits de nos enfants qui ne fréquentent pas encore ni l'école fondamentale ni l'enseignement précoce. Il remettra les friandises qui leur sont réservées, à la Mairie, où les parents pourront les enlever au cours de la semaine du 7 au 11 décembre

Nous espérons tous que pour l'année prochaine il nous sera de nouveau permis de recevoir Saint Nicolas dans nos trois localités comme d'habitude.

Restez toutes et tous sains et saufs !

Le Collège Echevinal et le Conseil Communal